N°4370
Entrée le 27.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4370 vum 1. Juli 2026 vun den Hären Deputéierten Emile Eicher an Charel Weiler.**

Déi honorabel Deputéiert froen am Kader vun hirer parlamentarescher Fro no den Ursaache vun der Dampentwécklung den 1. Juli am Tunnel Grouft, an ob dësen Tëschefall am Zesummenhang mat de lafenden Aarbechten oder engem techneschen Defekt stoung. Si wëllen ausserdeem gewuer ginn, ob dobäi Mängel un der Beléftungs- oder Sécherheetsinfrastruktur festgestallt goufen an ob déi ugekënnegt Reouverture vum Tunnel weiderhi wéi virgesi ka realiséiert ginn.

*Fro 1: Kann d'Madamm Ministesch d'Ursaachen an d'Grënn vun der Dampentwécklung am Tunnel Grouft präziséieren?*

D'Dampentwécklung am Tunnel Grouft war op Stëbspartikelen zeréckzeféieren, déi vun engem Chantier an der direkter Ëmgéigend gestaamt hunn an duerch Loftbeweegungen esou wéi de Stroosseverkéier an den Tunnel gedroe goufen. Et huet sech dobäi net ëm Damp, mee ëm Stëbs gehandelt.

*Fro 2: Stoung dësen Incident am Zesummenhang mat de lafenden Aarbechten un de Ventilatoren oder mat engem Defekt un enger technescher Installatioun?*

Den Tëschefall stoung weder am Zesummenhang mat den Aarbechten un de Ventilatoren, déi zu dem Moment ofgeschloss waren, nach mat engem Defekt un enger technescher Installatioun.

*Fro 3: Goufen duerch dësen Incident Mängel un der Beléftungs- oder Sécherheetsinfrastruktur festgestallt, déi bis elo net bekannt waren? Wa jo, wéi eng Konsequenzen huet dat fir de weidere Chantier vum Tunnel?*

Duerch dësen Tëschefall goufe keng Mängel un der Beléftungs- oder Sécherheetsinfrastruktur festgestallt. Deementspriechend hat den Tëschefall och keng Konsequenzen op de Chantier vum Tunnel.

*Fro 4: An hirer Äntwert op d'Question parlementaire n°3825 huet d'Madamm Ministesch erkläert, datt "ënner Virbehalt vun der fristgerechter Liwwerung vun den néidege Komponente sinn d'Aarbechte fir Juli 2026 virgesinn. Den normale Betrib vum Tunnel Grouft gëtt deemno fir August 2026 erwaart". Kann d'Madamm Ministesch dës Erwaardung weiderhi confirméieren?*

Jo, den ugekënnegten Zäitplang konnt agehale ginn. De Tunnel Grouft ass mëttlerweil nees vollstänneg am normale Betrib.

Den Tüb a Richtung Norden ass zënter dem 1. Juli 2026 nees am normale Betrib an den Tüb a Richtung Lëtzebuerg gouf den 9. Juli 2026 nees komplett fir de Verkéier opgemaach. Domat sinn all d'Spueren a béide Richtunge rëm op, an déi maximal erlaabt Vitess am Tunnel läit nees bei 90 km/h.

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes